adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

-Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Eng vun den Destinatiounen, déi reegelméisseg vun der Cargolux ugeflu ginn, ass Taiwan Taoyuan zu Taipei. Allerdéngs ass Taiwan zënter 1971 vun de Reunioune vun der ICAO (International Civil Aviation Organization) ausgeschloss. Dës UN-Organisatioun wëll op hirer 41. Versammlung, vum 27. September bis de 7. Oktober zu Montreal iwwer d'Relance vun der ziviller Loftfaart no Corona diskutéieren, woubäi et haaptsächlech ëm d'Fluchsécherheet geet. An deem ganz aktive Loftsecteur Ostasien ass Taiwan fir Fluchinformatiounen zoustänneg. Duerfir wéilt ech an dësem Zesummenhank der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi héich ass de Sécherheetsrisiko, deen duerch en Ausschloss vun Taiwan vun dësem Treffen entsteet, eventuell och fir Lëtzebuerger Fliger? Wéi héich schätzt den Här Transportminister d'Wichtegkeet vun taiwaneschen Informatioune fir e gereegelten Oflaf vum Loftverkéier iwwer Ostasien an?
2. Et gëtt Ausnamen zur Exklusioun vun Taiwan an der ICAO, well Taiwan war als besonnesche Gaascht vun der ICAO op der 38. Versammlung 2013 duerch seng national Agence Taiwan ACA (Civil Aeronautics Administration) vertrueden. Firwat ass 2022, wou et ëm d'Fluchsécherheet geet, bis elo nach keng analog Ausnam gemaach ginn?
3. Wéi ass an dësem Fall d'Positioun vun den USA a vun der EU? Ass d'Regierung sech bewosst, datt z.B. d'Europaparlament fir eng méi grouss Bedeelegung vun Taiwan un internationalen Organisatiounen antrëtt? Ass déi Lëtzebuerger Regierung wëlles, op europäeschem an internationalem Niveau dofir anzetrieden, datt Taiwan op déi 41. Sëtzung vun der ICAO invitéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser, Deputéierten